N°1573
Entrée le 02.01.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Madamm Justizminister Elisabeth Margue a vum Här Inneminister Léon Gloden op d'parlamentaresch Fro n°1573 vum 22. November 2024 vum honorabelen Deputéierten Dan Hardy zum Sujet "traitement juridique des apatrides"**

**1) Wéi enger rechtlecher Strof setzt sech dës Persoun aus, wann se sech weigert mat der zoustänneger Institutioun ze kooperéieren an der Feststellung vun hirer legaler Identitéit? 2) Falls eng rechtlech Strof applikabel ass, wéi dacks ass se och agesat ginn? Wéi dacks war dat tëschent 2013 an 2023 de Fall?**

An dësem Fall ass keng rechtlech Strof applikabel.

**3) Op der Basis vu wéi enger legaler Identitéit gëtt dës Persoun viru Geriicht verurteelt?**

D'Persoun gëtt ënnert där Identitéit verurteelt, déi d'Police konnt feststellen. Am Fall, wou d'Persoun natierlech eng falsch Identitéit ugëtt, gëtt dës falsch Identitéit och viru Geriicht benotzt.

**4) Op der Basis vu wéi enger legaler Identitéit kann dës Persoun sech hei am Land ophalen an hiren Alldag (Umeldung vun enger Adress, Bankkont, Fürerschäin asw.) organiséieren?**

Persounen, déi aus dem Centre de rétention entlooss ginn, ouni bei der Feststellung vun hirer Identitéit kooperéiert ze hunn, hu keng legal Identitéit fir hiren Alldag ze organiséieren a kënnen zum Beispill keen "Certificat de résidence" kréien. Si kënnen och keng Demarchë maachen, bei deenen ee gültegt Identitéitsdokument gefrot ass.

**5) Kënnen op der Basis vun enger fiktiv zougewisener, respektiv onbekannter Identitéit hei am Land Sozialleeschtungen oder aner staatlech Zouwennungen empfaange ginn?**

D'Konditioune fir op staatlech Leeschtungen zréckzegräife sinn an de jeeweilege Gesetzer gereegelt, dorënner op d'Leeschtung un d'Virweise vun engem gültegen Identitéitsdokument gebonnen ass. Wann eng Persoun keng staatlech Zouwennungen empfänke kann, well si dës Konditioun net erfëllt, dann huet dës Persoun d'Méiglechkeet sech un ONGen oder Associatiounen ze wennen, déi hire Support offréieren.

Lëtzebuerg, den 2. Januar 2025.

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue